

WANDROUS

N° 330 Wainmount / Allerhelgenmount 2010

octobre / novembre



Kënnst 5 mol pro Joër eraus / Abonnement 25.00 Euros / CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000



Chefredakter: Guy MOYANO
Verantwortlech vir den Drock an d'Veschécken: Groupe LBB
E-mail: wandrous@lionsbleus.lu / Tel: 49 50 51
<http://www.lionsbleus.lu>




Lies d'Wandrous da baste ëmmer up to date!!!



Wandrous Publicitéit



Waat brauchst Du vir Geld ze spueren?*



Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!
Eng gültig Memberskaart vun den LIONS BLEUS!
Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!

Paulinstrasse 25
D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS
kaafen beim
VIKING-ADVENTURES!

* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gültig Lions-Bleus Memberskaart weis!
an zum Schluss vum Joër kritt den Groupe eng Ristroume op dem Joresëmsatz!



www.viking-adventures.de

Les amis des Lions Bleus

Les amis des Lions Bleus

Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätz och Du nach allekéiers iwwer deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?

Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiansdo wann Deng Kanner no enger Activitéit, dreckech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiansdo eng Grimmel melancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeër gang bas?

Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffen do woren di sech em Dech gekëmmert an gesuergt hun, an elo sin nach ëmmer Cheffen do, di sech ëm Deng Kanner këmmere an suergen. Datt d'Home ënnerhal, gebotzt, vergréissert gin ass an nach ëmmer gebotzt an ënnerhal gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen dén virun 100 Joër vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.

Wells och Du datt d'Scouter weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?



**Dann zéck nët an géff elo direkt Member vun den
“AMIS DES LIONS BLEUS”**

? VIRWAAT ?

D'*Amis des Lions Bleus* bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsam Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren se awer alleguerten mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Hauptcharge ofgelenkt gin.

D'*Amis des Lions Bleus* sin Leit di nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëllefen: duerch en regelméisseg Don.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënn gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joër op der Assemblée Générale veröffentlecht.

Dofir ënnerstез och DU ons, wann ech gelift,
mat engem “ordre permanent”*
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros** pro Mount
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun “Les amis des Lions Bleus” + Numm oder Anonyme

* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéien mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op en “revenue” zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sin keng Limiten gesaat.

Natierlech frëen mir ons iwwert en émolegen oder regelméisseg Don!

** Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtzt vielleicht méi liicht ze verkraften ass.

Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!

Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Fréd dobäi!

Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!

Allerhelgeweekend Troupe

Feiercamp 30 - 31 October 2010

Die kaal Wantermeint stinn rem fierun der Dier an waat gedd et dann mei scheines wie en gudd Feier. Wann och du wells gudd fierbereed an obgewiermt wells an den Wanter starten dann muss du dech umellen fier eisen Feiercamp. Hei erwaarden dech spannend Feierspektakelen an den beschten Feiermeeschter gedd gekiert.

Départ: Samstes, den 30.October 2010 um 8:30 Auer op der Gare centrale de Luxembourg
Retour: Sonndes, den 31.October 2010 um 17:00 Auer op der Gare centrale de Luxembourg
Souche: Ass oofzeginn bei dengen Cheffen bis den 23/10/2010

Waat kascht ët: 20 Euro, sinn bis allerspéidstens den 27/10/2010 op den Compte vum Fischer Manon ze iwwerweisen (CCPL IBAN LU69 1111 1943 4251 0000)

Material: Schloofsaack, Gamelle, Besteck, Kuehenduch, Bidon, Taschenluucht, Tréppelschung, liichtschung, Wäschaachen, Ersatzkleeder, den Wiederugepassten Kleeder, Reen, Jackett, Jimboskaart, oder E-GO Kaart...



----- SOUCHE -----
--SOUCHE -----

Heimadder erlaben ech

mengem Scout

op den Allerhellgencamp den 30/31.10.2010 mattzegoen.

Ennerschrëft

Hexencamp fir Beaver

HEXENCAMP



Wëlls du gären en Ablëck an d'Liewen vum Bibi Blocksberg,
Hexe Lili & Co. kréien?

Wëlls de léieren richteg ze zauberen, ze fléien an dain
eegenen Zaubertrank ze maachen?

Am Hexeninternat ass daat alles mëglech, an nach villes
mèi!

Also looss dir deen Spaass nët entgoën an huel Deel un
eisem Schnupper-kur an Hexenkunde :)

AbraKadabra Simsalabim

Weini: 4.-5. November 2010
Rendez-vous: 4. November 2010 um 15:00 Auer zu Bouneweg beim Home
Retour: 5. November 2010 um 15:00 Auer zu Bouneweg beim Home

Präiss: 20 €, sinn bis den 21. Oktober 2010 op de Compte:
Les Lions Bleus Bonnevoie a.s.b.l. - Beaver
(CCPL IBAN Lu87 1111 2571 8942 0000)
mat der Mentioun : Hexencamp 2010 + Numm vum Kand ze iwwerweisen

Material: Schloofsaack, Gamelle/Besteck/Becher/Kichenduch, Pyjama, Ersatzkleeder
(dem Wieder ugepasst), fest Schong, Wäschsaachen, Täschenluucht, wann een en
Petzi huet fir ze schloofen, Hexenverkleedung...

Beaverklack
Nora Heinen Sendel & Lena Schmitt & Maiti Lang

Heimadder erlaben echmengem
Beaver.....um AllerhelljenHEXENCAMP
vum 4.-5. November 2010 am Hexeninternat deelzehuelen.

.....
Ënnerschrëft vum Responsablen



Allerhelgeweekend

Néi an den Explorer wess en net emmer direkt wei den Hues hei left, doweinst fier den Start gemittlech an relax unzegoen, hun mier hei schon den eichten Explorercamp Allerhelgen organiseiert. Doweinst wans du locht op en relaxen Camp hues, an leiere wells wei et sou richtig an der Explorerbranch ofleft, an wat et spezielles an den Explorer get dann as de Camp genau dat richtech fier dech.



Wéini: Vum 6.-7. November 2010

RDV: Moies den 6. November um 9:00 Auer op der Gare de Luxembourg

Retour: Den 7. November um 16:15 op der Gare de Luxembourg

Material: Carrymatt, Schlofsack, Orientationsmaterial(Kompass, Réimer, Geodreieck, Scoutsbichelch, Vademecum, GPS), Gamelle, dem Wieder ugepassten Kleder

Präis: 20 Euro sin op den CCPL LU49 1111 2324 7361 0000 „Les Lions Bleus a.s.b.l.- Explorer bis spéitstens den 1. November 2010 ziwwerwéisen



Fir d'Unitéit **MAMMUT** : Tameng / Eric / Kodiak

Héimat erlaaben ech

mengem(er) Explorer / Explorette
mat op den Allerhelgenweekend
fum 6.-7. November 2010 matzegoen

Ënnerschréft vun den Elteren

Schlittschongsortie fir d'Meute

Schlittschongsortie fir Wëllef

SCHLITT SCHONG SORTIE



Sou luessteet daat kaalt eeklegt Wieder rëm virun der Dier an och d'Lions Bleus kommen nees an Wanterstëmmung. Déi deck Jacketten an d'Mutzen ginn rëm aus dem Schaaf geholl an wéi ëmmer ginn och mir eng kéier op d'Eispist. Wanns du Loscht hues en flotten, actionsvollen Daag mat den Wëllef ze verbrëngen, dann zèck nët laang an mell dech un bei eiser éischer Sortie fir dëst Joër :). Natirlech steet nët nëmmen d'Eispist um Programm mee och nach vill eiscool Spiller ... Looss dech iwwerraschen!

Weini: 20.November 2010
Rendez-vous: 20.November 2010 um 14 Auer op der Kockelschéier bei der Barrière um Parking
Retour: 20.November 2010 um 20 Auer op der Kockelschéier bei der Barrière um Parking

Waat brauch ech: Bidon, dem Wëllefchen séng 5 Saachen, klengen Rucksack, deck Händchen, Mutz & deck Strëmp, PIC-NIC, dem Wieder ugepassten Kleeder...

Wichtig: PIC-NIC fir Owe siessen nët vergiessen !!!
5 €, fir den Entrée an d'Schlittschong, an villaicht nach e puer Su...et ass eng Buvette do :)
(deen selwer Schlittschong huet, kann déi natirlech och matbréngen!)

Är Cheffenéquipe:
Chouette, Tahr, Charel, Prunelle, Claude, Sophie

Ech erlaaben heimat menger Eisprinzessin / mengem Eisprënz
..... op d'SchlittSchongSortie den 20.November 2010 op der
Kockelschéier matzagoën.

.....
Ënnerschrëft vum Responsablen



Schaffdag Fir Cheffen, Rover an Amicale

Schaffdag am Home Lions Bleus

D'Fenstere si knaschteg, d'Hott fëtteg, Maure beschmiert, riwerall Spawëcken, Luchten déi net méi fonctionnéiren, Plättercher déi lass sin an ...




Domader soll elo schluss sin. Dofir gesi mer ons de Weekend fum 27-28. November 2010 am Home vun de Lions Bleus. De ganze Weekend kascht néischt 0 € awer e Kuch oder Tart daat soll awer net déi Schuerd sin.

Ufank: 27/11/2010 um 8h00 Auer am Home
Schluss: 28/11/2010 um 17h00 am Home
Umëllen: bis den 20/11/2010 ënnert dem 691 50 50 57 oder eng mail op kodiak@vo.lu schécken.

Schlittschongsortie fir Beaver

Hudd der Loscht op eng flott Rutschpartie um Eis?
Dann kommt den 20. November mat eis op d'Schlittschongpist!)



Rendez-vous: 20. November 2010 um 10 Auer op der Kockelschéier virun der Entrée vun der Eispist

Retour: 20. November 2010 um 16 Auer beim Home zu Bouneweg

Material: waarm Kleeder, deck Händchen, Mutz & deck Strëmp, PIC-NIC fir Mëttes, Kuerzstreckenbilljet oder eng Jumboskaart

Wichtig: PIC-NIC fir Mëttesiessen nët vergiessen !!!
3 €, (Schlittschong abegraff) sinn den Daag selwer matzebrëngen
(deen selwer Schlittschong huet, kann déi natirlech och matbrëngen!)

Beaverklack:
Lena & Maiti & Nora

Ech erlaaben mengem Beaver
op d'SchlittSchongSortie den 20. November 2010 op der Kockelschéier matzegoën.

.....
Ënnerschrëft vum Responsablen



Souche Kleeschen

HO - HO - HO (an esou wéider)

Si schon ganz ongedëlleg vir op Bouneweg an den Dall bei meng allerléifst blo Léiwen ze goën am mat hinnen méin Féierdag ze féieren. Dëst Joër feieren mir alleguerten den 3. Dezember 2010 am Home vun den Lions Bleus. Wéi ëmmer brengen ech Iech dann gliddegen Schocki an rieseg knusperech Kuchenmännercher mat.

Also ech sin dann Freidesowes, den 3. Dezember Punkt 18:00 Auer MBZ (Mettel-Bouneweger-Zeit) am Home bei den Lions Bleus. Ech muss nach a mengem groussen Buch chekken op ech den Housécker brauch, well den bringt dann di néideg Rutten mat. Wann d'Lions Bleus awer am Laaf vum Joer ok waren, da kann den alen Granzsack dohém bliwen. Och wann mer dëst Joër 2 Deeg mei fréi feieren, so hun ech awer ganz vill Arbecht um Bockel. Dofier bieden ech Dech dass du och wierklech pünktlech um 18:00 Auer am Home bas, an data an tiptoper Wanteruniform. Antscheinend spillen d'Händien an Zwechenzeit eng hallew Oper, (amplatz eifach ze schëllen) mé dat ass mir egal. Ech bieden Dech den Braddelapparat auszemaan während ech do sin, well den Housecker fret sech emmer wann en én neien Händy an seng Samlung krit. A gehei Deng Souche dis den 27. November an Meng Bréifkëcht (nët and d'Wandrouskecht) (ënnen am Gank um Bried) well soss verzweiflen meng Engeln erëm wann sè bis den leschten Moment nët wëssen weivill Thermoskanen mat Schoki an weivill Boxemännercher sè mer sollen apaaken.



Léiwen Kléschen, gudden Kléschen
hei ass dem

(also meng Souche) schon. Ech hun och ganz fläisseg deng Liddercher geübt, an mengem Elteren gesoot dat et wichteg wier den 3. Dezember an tiptopper Wanteruniforme, um Punkt 18:00 Auer am Home ze sin wells du en gestressten Kléschen wier.

Si kommen mech esou géint
21:00 Auer beim Home ofhuelen.



Ënnerschrëft vun den Elteren / Housécker

Souche Rover-We Souche Rover-We



Un all Cheffen, Rover, Amicale,
Schnéiklatzensukkler, Breimettien,

E gemittlechen Owend, Box um pickechen Droht futti maachen, an d'Box maachen
vun laachen, e gudden Glühwein, eng gudd Spaghetti, ënnert Frënn poteren,
Geschichten erzielen, ze Fouss trëppelen, en fäerdechen organiséierten We
mattgoen, grillen, sech erëm eng Kéier als Kand villen,.....

Dëst sin e puer Beispiller, déi een op engem Rover-We vun den Lions Bleus
erliewen kann. Mee eppes ass awer dëst Joër aussergeweinlech, an zwar.....
Tjo, dat wëlls du elo gäeren wëesen, ma dann géi matt.

Rendez-Vous:

Samsdes den 4. Dezember 2010 um 13:30 Auer op der Gare zu Dummeldeng

Retour:

Sonndes den 5. Dezember 2010 géint 17:00 Auer op der Gare zu Dummeldeng

Umeldung:

Bis den 22. November 2010 op paco_grizzly@hotmail.com oder um 790238

Material:

alles wat en op engem Rover-We brauch.

Fir samsdes Owes huet d'Organion gesuecht, fir sonndes Mëttes muss du
Gegrills mattbrëngen.

Äeren groussen Rucksack gët vun der Organion op der Gare ofgeholl.

Aeren klengen Rucksack, vir déi déi een brauchen, matt engem Bidon,
oder e klengen Snack, eng Kaart vun Betzdorf, 8 Achtecher, e Larousse
en Dictionnär, Telefonsnummer vun Mamut,.....

soll der dann um Trajet matthuelen.



D'ORGANI OUN

Chrëschtcamp fir Beaver & Wëllef



Bonjorno

Möien

Hoi Salut

Alloa

Bonjour

Hello

Are you ready for a trip around the world?!

Wolls de schon emmer eng keier eng Weltrees maan, dei aaner Länner gesinn an hier Kulturen kenneleieren? Nierwt eisem klengen letzebuerger Ländchen gett et nach ganz vill ze gesinn, an mat eis den Lions Bleus, hues och du d' Meiglechkeet dest ze maan! Egal obs de Beaver oder Wellefchen bass, du wärts en flotten Camp erlierwen. Wanns du interesseiert bass, dann zèck net laang an mell dech direkt bei dengem jeweilegen Chef un :)

- Wien: fir **Beaver** an **Wëllef**
- Weini: **18.-20.Dezember 2010**
- Rendez-vous: 18.Dezember 2010 um 14:00 Auer op der Stadter Gare
- Retour: 20.Dezember 2010 um 17:00 Auer op der Stadter Gare
- Material: dem Wieder ugepassten Kleeder, deck Schong, Schlappen, Wäschsaachen, fresch Ennerwäsch/Stremp, Schloofsaack, Täschenluucht, Gamelle&Kichenduch, dem Wellefchen seng 5 Saachen,...**Jumbos-kaart** oder EGO-Kaart
- Präiss: **32 €** sinn bis den 10.Dezember 2010 op de Compte:
Les Lions Bleus Bonnevoie a.s.b.l. Meute
(CCPL IBAN LU64 1111 2581 2205 0000)
mat der Mentioun : Krëschtcamp + Numm vum Kand ze iwwerweisen



Beaverklack & Wëllefcherscheffen



Heimat erlaaben ech.....mengem
Zukünftigen Touristmat op
d'Weltrees vum 18.-20.Dezember 2010 ze goen.

.....
Ennerschrëft vun den Elteren

Chrëschtcamp 2010 Scouten + Explorere

MAKE PEACE, NO WAR!

FLOWER-POWER

Guitar, Musik, Farwen, Frennschaft

,ausgefaalen, opfällesch, relaxen, luesen Rock, Fridden,
verréckt, lang Hooer, PEACE, Liederboxen.....

Un wat denks du wanns de dat Wuerd HIPPIE heiers???

Bestimmt och chill beim Feier setzen an d'Liewen geneissen :)

An all deng Kollegen eng keier an den Aarm huelen :)

Mee awer och en richtig coolt Nuechtspill machen ganz am Hippistyle :)

An deng ganz verreckten Talenter entdecken :)

Richtig Rockesch Faarwesch Kleeder :)

Wells du sou en Camp erliewen? Drei Deeg dech wei een Hippie fillen?

Drei Deeg einfach nemmen Liewen mat dengem Scoutskollegen
geneissen?

Dann komm op den ultimativen

Hippiechrëschtcamp :)



Rendez-vous? 18.12.2010 op der Gare Centrale (Auerzeit kritt der nach matgedeelt)

Retour? 20.12.2010 op der Gare Centrale (Auerzeit kritt der nach matgedeelt)

Wichtig Saachen: !Um Treffpunkt soll jiddereen een Accessoire am Hippistyle unhun!, warmen Schloofsaack, warm Kleeder (Wanterjacket, Flies, Thermoennerwesch ass nie schlecht!, Biergschong...)

Suen? W.e.g. 30€ bis den 5 Dezember op den Explorerconte iwwerweisen

IBAN Lu49 1111 2324 7361 0000



Heimat erlaaben ech
mengem Scout/Guide/Explorer/Explorette

Op den Chrëschtcamp matzegon.

Ennerschreft:



Souche Techuana 2011



„Der Berg ruft“

jo et as erëm sou wäit, mir gin dëst Scouts-Joer erëm an Techuana. Du frees dech ouni Elektresch, ouni Heizung an fléissend Waasser ze liewen dofir awer ganz vill Holz ze maachen („et get nimols Duer, Dier zou“) Natur pur, e puer flott Deeg op der Skipiste ze verbréngen, einfach Wandern oder e Buch ze liesen bei der schnurrender Gazlucht an net ze vergiessen onsen remake vun dem sensationnelen Erlebniswanderweg? Dann as daat héi genee daat richtig fir dech, méll dech sou schnell wéi meiglech un well du wes
jo: d' Plazen sin limitéiert!!!!

Wee ka mat goen: jidderén dén bis den 01.09.2010 14 Joer krut huet

Rendez-vous: 18. Februar 2011 um 18.30 Auer am Home vun de Lions Bleus

Zrëck 27. Februar 2011 um 11.00 Auer am Home vun de Lions Bleus

Präis: Mir maachen daat och erëm wie daat lecht Joer, mir splecken de Preis op! Daat heescht 250 Euros vir Transport, lessen, Sauna a Schwammen. Déi Léit déi Ski fueren, mussen nach 150 Euros vir de Skipass bezuelen an vir déijéng déi nach Material musse lounen mussen nach 100 Euros bezuelen.

Am Kloertext:

Déi Léit déi just gäeren Spadzéiren, lessen, Schwammen gin bezuelen **250** Euros.

Déi Léit déi lessen, Schwammen, Ski fueren, an hirt égen Skimaterial hun bezuelen **400** Euros.

Déi Léit déi lessen, Schwammen, Ski fueren, an Skimaterial op der Plaz lounen mussen, bezuelen **500 Euros** bis den 01.02.2011 mat der Mention "Techuana 2011". D'Geld ass ze lwwerweisen op den CCPL LU49 1111 2324 7361 0000 „Les Lions Bleus a.s.b.l.- Explorer“


Täschegeld: dest Joer gin och 50 Euros duer

Material: Schlofsack (waarmen), Carry-Matt, waarm Kleeder, Wanterjacket, Skibox (virdéi die eng hun), 2 puer Händschen, eng Mutz, en Schaal, Turnsclappen, déck Schong, Schwammsachen (déi an d' Sauna gin sollen 2 Dicher mathuelen), Wächsachen, Bidon, Tächelucht, komplett Wanteruniform, e klengen Rucksack (dén an den Auto matgeet an wou deng perséinlech Saachen dran sin, an fir an d'Schwemm, a.s.w.....)

Elternversammlung: Vir déi Leit déi matgin as déi Versammlung obligatoresch. Si as Mëttwochs den 15. Dezember 2010 um 19.15 Auer am Home vun den Lions Bleus. Do kris du dir och dein perséinlechen Dossier mat der Fiche Médicale an do kennt och nach d'Kopie vun der Impfkart, d'Polizeilech Erlabnis, d'Kopie vun der Krankenkeesmatricule an d'Kopie vun der Carte d'Identité oder Pass dran.

Des Souche muss du och oofgin wëll soss bas du net officiel ugemëllt!!!


SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE



Ech erlaben mengem Scout, Explorer, Rover

.....

mat um TECHUANA-Wantercamp 2011 deelzehuelen.
D'Souche as sou schnell wei méiglech bei dengem
Chef ofzegin, **well d'Plazen sin op 20 Scouten limiteiert !!!!!**



.....

SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE - SOUCHE

Cheffen 2010-2011

Cheffen 2010-2011

D'Cheffen vun de Lions Bleus Joergang 2010-2011 stellen sech vir

Léif Elteren,

Dëst sin di Jugendlech (an manner Jugendlech) dénen Dir Är Kanner roueg kënn uvertrauen. All d'Branchen-Cheffen hun déi Formatioun gemaach di vun der FNEL verlaangt gët vir kënnen Chef an dénen verschidden Branchen ze sinn. En groussen Dél vun den reschtlechen Responsabelen sin am gaang hier Formation ze maachen. Si genéissen daat voll Vertrauen vum Comité. Zéckt net fir di verschidden Léit ze kontaktéieren wann Dir Froën hudd oder zousätzlech Informationen braucht. Et wier fäin wann dier lech virdrun géift umelden.



Vu lénks no riets: Nora, Lena a Miati

Beaver

Chef de colonie:

Numm:
Schmitt Lena

Gsm:
691 790 692

E-mail:
lena.schmitt93@hotmail.de

Gebuer:
06/07/1993

Formatioun
ACC

Ass. Chef de colonie:

Numm:
Heinen Nora
Lang Maiti

Gsm:
621 659 000
621 699 401

E-mail:
heino_044@hotmail.com
maiti_lang@hotmail.com

Gebuer:
23/04/1993
03/06/1994

Formatioun
ACC
ACCNB

Konto:

Les Lions Bleus a.s.b.l. - Beaver
CCPL: LU87 1111 2571 8942 0000

Allgemeng e-mail
beaver@lionsbleus.lu

Cheffen 2010-2011

Cheffen 2010-2011



Vu lénks no riets: Claude, Prunelle, Sophie, Tahr, Chouette an Charles

Meute

Konto:

Les Lions Bleus a.s.b.l. - Meute
CCPL: LU64 1111 2581 2205 0000

Allgemeng E-mail:

meute@lionsbleus.lu

Chef de meute:

Numm:	Gsm:	E-mail:	Gebuer:	Formatioun
Simonis Tina (Chouette)	691 645 377	tina.simonis@education.lu	02/07/1971	CM

Ass. Chef de meute:


Numm:	Gsm:	E-mail:	Gebuer:	Formatioun
Fay Paul (Tahr)	691 225 555	paul@fay.lu	12/08/1989	CM
Koenig Charles	661 565 625	koenig.charles@internet.lu	10/07/1976	ACM
Reiners Sophie	691 369 511	sophie.r.93@hotmail.com	11/12/1993	ACMNB
Welter Prunelle	621 625 320	prunellewelter@hotmail.fr	31/01/1993	ACMNB
Muller Claude	691 554 000	claudesimonis@hotmail.de	25/11/1993	ACMNB

Troupe

Konto:

Fischer Manon
CCPL: LU69 1111 1943 4251 0000

Allgemeng E-mail:
troupe@lionsbleus.lu



Vu lénks no riets: Christophe, Tamia, Lex a Mauro

Chef de troupe:

Numm:	Gsm:	E-mail:	Gebuer:	Formatioun
Schmitt Lex	661 365 188	lex.schmitt@hotmail.com	19/09/1990	CT

Ass. Chef de troupe:

Numm:	Gsm:	E-mail:	Gebuer:	Formatioun
Reiners Christophe	621 166 095	christophe.reiners@hotmail.com	23/11/1992	ACT
Peppoloni Mauro	621 252 660	coyote-ugly21@hotmail.com	15/06/1989	ACTNB
Fischer Manon (Tamia)	691 503 232	tamia@lionsbleus.lu	20/08/1981	CT

Cheffen 2010-2011

Cheffen 2010-2011



Vu lënks no riets: Kodiak, Tameng an Eric

Explorer

Konto:

Les Lions Bleus a.s.b.l. - Explorer
CCPL: LU49 1111 2324 7361 0000

Allgemeng E-mail:

explorer@lionsbleus.lu

Responsable Chef d'Unitée:

Numm:	Gsm:	E-mail:	Gebuer:	Formatioun
Fischer Joël (Tameng)	691 793 933	tameng@lionsbleus.lu	18/08/1983	RUE

Ass. Chef d'Unitée:

Numm:	Gsm:	E-mail:	Gebuer:	Formatioun
Holzem Eric	621 691 059	e1992h@hotmail.com	10/03/1992	ARUNB
Lampach Christophe (Kodiak)	691 505 057	kodiak@vo.lu	17/11/1980	RUE
Majerus Patrick (Grizzly)	691 790 239	grizzly@lionsbleus.lu	17/08/1968	RUE

Cheffen

Konto:

Les Lions Bleus a.s.b.l.
CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000

Allgemeng E-mail:

cheffen@lionsbleus.lu



Vu lënks no riets 1Réi: Chouette, Tahr, Eric an Tameng - 2 Réi: Charles, Tamia, Christophe a Kodiak - 3 Réi: Nora, Lena, Maiti, Claude, Sophie a Prunelle

Chef de groupe:

Numm:	Gsm:	E-mail:	Gebuer:	Formatioun
Lampach Christophe (Kodiak)	691 505 057	kodiak@vo.lu	17/11/1980	RUE

Ass. Chef de groupe:

Numm:	Gsm:	E-mail:	Gebuer:	Formatioun
Fischer Manon (Tamia)	621 503 232	tamia@lionsbleus.lu	20/08/1981	CT
Schmitt Lex	661 365 185	lex.schmitt@hotmail.com	19/09/1990	CT
Majerus Patrick (Grizzly)	691 790 239	grizzly@lionsbleus.lu	17/08/1968	RUE

Programm Beaver

Den Beaver - Programm

OKTOBER

- 2. MONTEE
- 9. Beaverversammlung 14:00-16:00
- 17. VIIZ-SORTIE
- 23. Beaverversammlung 14:00-16:00
- 30. Keng Versammlung --> Vakanz

NOVEMBER

- 4.-5. BEAVERCAMP
- 13. Beaverversammlung 14:00-16:00
Elterenversammlung
--> no der Versammlung um 16:15 am Home
- 20. Beaverversammlung 14:00-16:00
- 27. Beaverversammlung 14:00-16:00

DEZEMBER

- 3. Kleeschen
- 4. keng Versammlung (Rover-Weekend)
- 11. Beaverversammlung 14:00-16:00
- 18.-20. KRËSCHTCAMP mat den Wëllef
- 25. keng Versammlung --> Vakanz

JANUAR

- 1. keng Versammlung --> Vakanz
- 8. Truppenversammlung 14:00-16:00
- 15. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 22. SCHWAMMSORTIE mat den Wëllef
- 28. ASSEMBLÉE GÉNÉRALE LIONS BLEUS
- 29. Beaverversammlung 14:00-16:00



Beaverklack
Lena & Nora & Maiti

Programm Meute

De Meute - Programm



Oktober

2.-3.	Montée	
9.	Versammlung	14:00-16:00
16.	keng Versammlung	
17.	Vizsortie	
23.	Versammlung	14:00-16:00
30.	keng Versammlung	Vakanz

November

6.	keng Versammlung	Vakanz
13.	Versammlung	14:00-16:00
13.	Elterenversammlung	16:15-?
20.	Sortie	11:00-20:00
27.	Versammlung	14:00-16:00

Dezember

3.	Kleeschen	18:00-21:00
4.	keng Versammlung	Roverweekend
11.	Versammlung	14:00-16:00
18.-20.	Chrëschtcamp	???

Januar

1.	Keng Versammlung	
8.	Versammlung	14:00-16:00
15.	Versammlung	14:00-16:00
22.	Sortie	14:00-17:00
29.	Versammlung	14:00-16:00

Programm Troupe

den Troupe - Programm

OKTOBER

- 2.-3. MONTEE
- 9. Truppenversammlung 14:00-16:00
- 16.-17. VIIZ-WEEKEND
- 23. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 30.-31. ALLERHELLJEN-WEEKEND

NOVEMBER

- 6. keng Versammlung --> Vakanz
- 13. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 20. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 27. Truppenversammlung 14:00-16:00

DEZEMBER


- 3. Kleeschen
- 4.-5. keng Versammlung --> Rover-Weekend
- 11. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 18.-20. KRËSCHTCAMP mat den Explorer
- 25. keng Versammlung --> Vakanz & KrëschtDaach

JANUAR

- 1. keng Versammlung --> Vakanz
- 8. Truppenversammlung 14:00-16:00
- 15. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 22. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 28. ASSEMBLÉE GÉNÉRALE LIONS BLEUS
- 29. Truppenversammlung 14:00-16:00

FEBRUAR

- 5. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 12. Truppenversammlung 14:00-16:00
- 18.-27. TECHUANA



Lex / Christophe / Mauro / Tamia

Programm Explorer



Oktober

02.-03.	Montee am Home Lions Bleus	10:00 - 16:00
9.	Exploreerversammlung	14:00 - 16:00
16.-17.	Vizweekend	08:30 - 16:30
23.	Exploreerversammlung	14:00 - 16:00

November

06.-07.	Allerheligenweekend	09:00 - 16:15
13.	Exploreerversammlung	14:00 - 16:00
13.	Elterenersammlung	16:00 - ?
20.	Exploreerversammlung	14:00 - 16:00
27.	Exploreerversammlung	14:00 - 16:00

Dezember

3.	Kleeschen am Home LBB	Souche
4.	Keng Versammlung	
4.-5.	Roverweekend	?
18.-20.	Interbranchekreschtcamp	Souche

Januar

08.-09.	Exploerraid	?
15.	Exploreerversammlung	14:00 - 16:00
22.	Exploreerversammlung	14:00 - 16:00
29.-30.	Bunny in the Snow	?



Fir d'Unitéit **M.A.M.M.U.T.**: Tameng / Eric / Kodiak

Rapport Léiwefest

Rapport Léiwefest

Samstes, den 3. Juli 2010, hun d´Cheffen sech schon Moies getraff fier schon Villes fierzebereeden, dat daat ganz un d´Stoen kennt. Descher goufen opgeriicht, d´Home bessen gebotzt, d´Anlaag fier Musik ze maan gouf opgeriicht an... Mettes gouf et dunn Sandwicher ze iessen, an herno hun mer dunn nach eng Keier gudd ugerappt befier d`Kanner dunn all um 4 komm sin. Och den Explorerdanz gouf Moies reicht richtig ageübbt;) Majo wou dunn d´Wellefcher, d´Beaver an d´Scouten ukomm sin, haat all Branche mat hieren Kanner hier Modenshow fierbereedt. D´Wellefcher hun hier selwer produzeiert Kostümer ugedoen an hun se natierlech stolz deenen aaneren gewisen ;) Verschiddener haaten herno bessen mei Gewicht ze droen an et war guernet sou einfach roueg stoen ze bleiwen, ouni dat herno den ganzen Buedem voller Konfetti, Cden, Plastikfläschen, Cartoen an Marshmallows war...Nujeh, den Trick fier hier Mode würdevoll an elegant ze presentieren haaten se awer ganz schnell raus an et huet ganz gudd geklappt. Wou dunn all Branche hier Show ageübt haat, hun mer d´Generalprouf gemaach. D´Musik un an lass gong et!(; Um halwer 7 sin dunn och endlech die eicht Elteren agetraff dei natierlech mat enger scheiner, eleganter Blumenketten empfang gi sin. Thema war io och Tropical Beach! An wat geheiert dozou? Eng gudd Bowle natierlech (: Die war och schnell fort, ech mengen dei ass gudd bei den Leit ukomm. Wou den Apperitiv dunn ausgedronk war ass et lass gaangen mat engem Toast Hawai. No der Entree war dunn die grous Show. D´Beaver hun fier d´Eicht hier Kappbedeckung presentiert mat der Moderatorin Lena. War schon ganz süss D´Wellef sin direkt dono gelaaf an hun dat sou richtig sexy mat vill Heftschwong gemaach ;) an zu gudder Lescht koumen dunn d´Scouten die dat och ganz gudd gemaach hun . Den Hauptplaa gouf direkt dono serveiert. Et ass Gegrilltes mat Zallot gin. Et war gudd Stimmung an wou d Leit dunn schon e bessen verdaut haaten sin dunn d´Explorer mat hierem originellen, gudd ageplangten, professionellen Tanz komm haha;) ALLEZ ALLEZ ALLEZ . ALLEZ OLLA OLLE. Kennt dier et nach ?;) Majo an wie emmer geet een Fest och op d´Enn zou, mee et gouf nach en gudden Dessert. Schockelasfondue !MHhh lecker. Herno ass d´Cheffenequip och nach fiergestallt gin an mier kruuten eis Wandrous Speciale fier d´Corse ausgedeelt. D´Musik ass natierlech weider gelaaf , mee dei eischt Leit sin schon heem gaangen an et ass emmer mei eidel gin bis dunn schlussendlech nemmen nach d´Cheffenequip do war dei schon ugefaangen huet e bessen ze botzen. An dono sin mer dunn och gudd midd an d´Bett gefall. Moies ass et dunn scho rem lass gaangen, mier hun Kaffi gedronk an nach eng leschten Keier ugerappt. D´Home gouf ganz gebotzt, well et huet wierklech chaotesch ausgesin... Geint 12 Auer waren mer dunn endlech ferdeg an konnten dun och Heem goen (: Am Groussen ganzen war et awer en flotten Owend an d´Leit hun sech mengen ech och gudd amüseiert. Sophie Reiners



Rapport Pow-Wow 2010

Pow-Wow 11. Juli zu Munnerëf

Um 9.00 Auer Sonndes ass et um klengen Glacis lass gang. All Lions Bleus sin agetraff an goufen direkt enger strenger Kontroll vum Big Boss Kodiak ennerzunn: ouni Tip Top Uniform krute mer eis Ouren laang gezunn :)

Mat engem Bus ganz alleng fir eisen Grupp sin mer op Munnerefer Safari gefouert gin. Safari war Thema vum Joer 2010. D'Explorer hun sech dun op den Wee gema fir an den Mondorfer Park wou dann schon direkt den Elimatoiresposten op se gewaard huet. Ziel vum Posten war et eng Breck iwver den klengen Floss (deen ganz nierwenbei zimlech ruppesch ausgesinn huet) mat Beemstemm ze bauen. Den clou war dat dei Holzstemm grad net sou lang war wei Flossbreed. Mir hun eis missten eng afaalen loosen. Sou hun mer einfach 4 Beemstemm zesummengestréckt. Lo hate mer en Problem fir dei Beemstemm op dat aanert Ufer ze zeien. Ech (Christophe) misst drun gleewen fir mat der Schwammbox and Wasser ze klammen an dei ganz Bréck riwwerzehiewem. D'wasser war mer bis zum Kenn gang an dei veier Beemstemm waren och net sou liicht, mee mir hun et awer gepackt! (Hallef Stonn hu mer gebraucht) Vu que dat et bessen un Explorerposten gemangelt huet hun mir eis amuseiert en Biverposten ze machen :) Mettes hate mer eisen klengen Pick Nick gies dee mer vun dohem matbruecht hun. Kuerz dono stoung dun och schon dei offiziell Partie an den Kampf fir Trophée um Programm. Wei all Joer goufen als eischt bonne patrouille, formatiounen... opgeruff. Lions Bleus hun natierlech all member stark bejuubelt. Lo goufen dei drei eischten equipen opgeruff: Spannung... 3. Grupp... Nervenkitzel... Les Aigles...klappen...2.Grupp...Spannung...Les Loutres...rem klappen... 1.Grupp...Adrenaline...LES LIONS BLEUS...Dat war jo natierlech rem kloer :) Qui sont les plus forts evidemment LES BLEUS! Eis Trophées equipe ass sech prett machen gang: Neckel, Lex, Christophe, Raphael, Max....Den Startschoss ass gepaff gin. Vun allen Seiten goufen dei drei finalistenequipen ugefeiert. Dass drem gang en fendelsmast sou seier wei meiglech en fendelsmast opzerlichten an den fendel ropzezeihen. Eis Trupp huet richteg Gaas gin mee leider waren Loutres firun eis ferdesch. Dono reischt huet sech rausgestallt dat si gefuddelt hun andeems se den fendel schon uewen fixeiert hun wou den Baamstamm nach um Buedem louch an dat dierf een net!! Mir waren och reklameiren gang mee et huet neicht gehollef. An den Herzen waren Lions Bleus eischt mee leider konnte mer keng Trophée mat heem huelen!

Christophe



No 10 Joër war et erëm esouwäit, de Lions Bleus hieren grouse Summercamp stët firun der Dier. Fir dës Editioun hu mer ons och erëm fir en Südlécht Land entschéd, d'Corse. Ganzer 3 Wochen ware mer zesummen ënnerwé, daat den 30. Juli ugefaangen huert.

6 Scouten, 6 Explorer, 6 Rover a 12 Cheffen hun d'Reess ugetrueden fir en emolegen Camp ze erliewen. An daat war de Fall, um Camp war eng excellent Stëmmung wou fill gelach a gegeckst gin as. D'Kichenéquipe haat natirlech do och e Wuert matgeschwaat, wëll si hun ons mat dénen bëschten Plaaen ferwinnt.

Um Programm vum Camp stin niewt dem Zesummenliewen am Grupp an Harmonie mat der Ëmwelt, a ganz flott Activitéiten.

Um Camp haate mer och kontakt mat der geschwatener Presse "RTL", wou mër ëmmer Méindes, Mëttnochs a Fréides um 13h15 Auer um Radio geschwaat hun. Mir hun den Nolauschter probéiert ons Ereliefnisser méi no ze bréngen.

All Daag présentéiert sèch an animéiert Campliewen mat Visiten, Biergtouren, Schwammen a Schnorchlen.

Wëll mer baal all zweten Dag op enger aanerer Platz waren misste mer de Camp ëmmer oofbauen an Owe erëm opbauen. No 3 Wochen as daat awer richtig schnell gaangen, dono wosst jidferéen wou en eng Hand misst upacken.

Den zweet läschten Owend an der Corse hu mer op engem Camping direkt um Mier verbruecht. Dén Owend hu mer eng kleng Clôture fum Camp gemaat wou mer eng gutt Paella fun onsem Kach servéiert krut hun an owes hu mer a form fun mënschlechen Dias de Rëckblëck fum Camp gemaat Léider as d'Zäit an der Corse ferflunn a mir sin den 21. August alleguerten gesond a monter zu Bouneweg ukomm.



Dem LIB séng Säit Den LIB séng Säit

Dir kënt dem LIB hëllef an deems der folgend Aufgaben léist...

A)



PYRAMI D
 dës besteet aus 10 Kugelen an muss folgendermoossen verännert ginn :)
AUFGAB
 Du dierfs elo nëmmen 3 Kugelen bewegen an dono muss d'Pyramidenspëtz no ënnen weisen.

WITZ-FROËN:)

- 1) Waat ass beim Elefant kleng an beim Flou grouss?
- 2) Firwaat stellt eng Blondinn den Komputter op den Buedem?
- 3) Weivill I erbëssen passen an en eidelt Glas?
- 4) Wéi eng Bildung mecht nèt mèi intelligent?
- 5) Waat schmaacht besser ewéi eng Kamell?
- 6) Firwaat hëllt eng Blondinn ëmmer e Stéck Brout mat op Toilette?
- 7) Waat ass den Ënnerscheid zwëschen engem Auto an engem Rouleau Toilettenpabeier?



B)

EENT-NËNG
Erklärung:
 Fëll an all Case eng Nummer vun 1-9, sou dat horizontal, vertikal an diagonal ëmmer dèi selwescht Somme entsteht!

HAHAHA...



Kënnt en Zwerg bei déi éisträischech Grenz: "Gudden moien, ech sinn den Zwerg mam Eemer an wëll bei I erch klauen". Dounier'en wëllen keen dien klaut an joen hien weg. Lo kënnt en op déi schwäizer Grenz: "Moien, ech sinn den Zwerg mam Eemer an wëll hei klauen!". Duanier'en froën op hien se nach all hätt, sie hätten genuch Déif an och hei gët en verjoot. Lo kënnt en un déi franséisch Grenz an seet säin Text: "Gudden moien, ech sinn den Zwerg mam Eemer an géif gären bei aerch klauen". Awer och hei gët en fortgejoot. Dann kënnt en op déi polnësch Grenz: "Gudden moien, ech sinn den....., oh wéi geet daat....., wou ass dann mäin Eemer????"

Elternversammlung

Léiw Elteren,

En neit Scousjoer huet ugefangen an elo as erëm Zäit vir eng Elternversammlung ze maachen. Dofir lueden mir lech Elteren vun den **Beaver / Wëllef / Scouten an Explorer** häerzlech den **13. November 2010** bei ons d'Home an.

Mir géifen lech gären iwwert den Programm vum Scoutsjoer 2010-2011 informéieren. An ausserdem wärten mir och mat vill Freed op är Froën äntwerten. Fir Gedrënks an Knabberen as gesuertg.

Wéini: Samsdeg, den **13. November 2010** um **16.15** Auer zu Bouneweg
Wou: Am Home Lions Bleus zu Bouneweg (61 rue de Pulvermühl)
Schluss: Daat hängt vun ären Froen oof

Mir wäeren frou wann ganz vill Elteren vertraueden wieren well sou kréien mir villeicht en Feedback an hun d'Méiglechkéit eis ze verbessern.

Bis geschwënn

Är Cheffénéquipe



Dem LIB séng Opléisungen

B)

4	9	2
3	5	7
8	1	6

WITZ-FROËN:)

1) den "F"



2) fir dat en nèt oofstierzt!


3) eng I erz, well dono ass Glas nèt méi eidel!

4) Anbildung!

5) zwou Kamellen

6) fir WC-Int kënnen ze fidderen

7) En Auto kann en als Occasioun kaafen.



et schengt

et schengt

- 01) wei wann d'Lions Bleus erëm déi mäschte Punkten um Pow-Wow gehaat haaten
- 02) wei wann 2 aal Bevercheffen hier Pensioun ugetrueden hätten
- 03) wei wann wei wan eng Bierg-Raat an der Nuecht benzesch iwwert Brout hiergang ass
- 04) wei wann drei Baywatchtypen op en weiblichen Maki géifen ston
- 05) wei wann heich Deieren net weissten waat eng Handbréms wier
- 06) wei wann d' Lions Bleus mam Flieger an d'Corse gefuer wären
- 07) wei wann d' Picken fun engem Maki onmeiglech ofzebriechen wären
- 08) wei wann eng Fro während dem Camp öfters gestallt gi wier
- 09) wei wann no nach längerem beieneen lierwen baal keen mei Lierweg gewiecht wier
- 10) wei wann eis eifresch Corse-Speaker um Radio vill ze vill opgereecht gewiercht wieren
- 11) wei wann um Cheffeweekend bis speit an d'Nuecht Bowling gespillt gin as
- 12) wei wann d'Lions Bleus dest joer geifen op Pétanque Weltmeesterschaft geifen goen
- 13) wei wann et de Léit wichteg wier vunn wou hiert Fleesch kennt
- 14) wei wann d'Klapperschlaanger kënnen aal gin
- 15) wei wann eise Prési (nee net de Keis) problemmer mat den Aaen hätt
- 16) wei wann eis Meute dese Summer och 1x e grouse Summercamp haat
- 17) wei wann eis Wëllefcher op deen Camp dee richtegen Sous-Camp erwëscht hätten
- 18) wei wann eis Wëllefcher sech gudd dru gin hätten virun allem fir dee rosa-glitzeregen Kalzongs-Brëttels "Maillot jaune" ze kréien
- 19) wei wann den Maki geschwënn sein festen Wunnsetz ob enger Insel am Mettelmier hät
- 20) wei wann d'Pärd um Lac de Nino néierdeings "Muh" maachen an Mëllech ginn
- 21) wei wann den Schnéi an da Corse extra glaatt wier

et schengt net nemmen

et schengt net nemmen

- 01) dass Gruppen déi d'Règlementer anhaalen net Trophée kënnen gewinnen
- 02) dass de ganzen Grupp hinne Merci sët fir hiert Engagement
- 03) wei wann se och nach hier Exkrementer am Rucksack vun engem Explorer hannerloos hätt
- 04) wei wann sie hien och nach seduseiert hätten
- 05) dass dés d'Rieder zum Schmelzen bruecht hun an net gemierkt hun dass et iergendwei schweier geet
- 06) dass den Turbo vum Viano den Gësch obginn hät an dorobshin schrecklechen Kameidi gemach hät
- 07) dass e Wëllefechen se ofgebrach kritt hätt an en Explorercheff net
- 08) wei wann déi Fro : Wou ass d'Claude laut
- 09) wei wann 2 Persounen deen leschten Daag d'Leit vun hieren Killergedanken informieren missten
- 10) dass verschiddener sech ganz plötzlech net méi konnten un den Text vun den wichtigsten Lidder erenennen bei engem Live-Optritt
- 11) dass vill Striken geschoss gin wieren an awer nach alles ganz am Home wier
- 12) wei wann den Chef Kach schon dei richteg Klätz ausgesicht hätt
- 13) wei wann Kebab Fleesch op der 1. Platz steig
- 14) wei wann se eng Dusch mat engem Stull braichten
- 15) wei wann 'FORT' net daat selwest ass wei 'FORET'
- 16) wei wann op deem Camp iwwer 130 Wellefcher aus der ganzer FNEL zesumme komm wieren
- 17) wei wann hiere Sous-Camp déi wonnerschéi Farw Blo gehat hätt
- 18) wei wann d'Lions Bleus beim Maillot jaune de Rekordgebrach hätten
- 19) wei wann en och schon eng trei Hausfra fonnt hät
- 20) wei wann éist jëngsten Mitglied doriwer traureg gewiecht wär
- 21) wei wann d'Sophie dëst als eicht festgestallt hätt

Melle Meyer Arlette - MM Majerus Tina - MM Majerus Evelyne - Melle Goergen Simone - MM Schumarini-Leuk Egidio - MM Jenin-Thomé - MM Fay-Bisdorf - MM Kremer-Braun - MM Majerus Patrick - MM Schaack-Hirsch Albert - Anonyme - M Goergen Claude - Mme Federmeyer Berthe - M. Grün Joe - MM Heinen G. + Sendel Denise - M. Thibo Charles - M. Rohmer Kevin - MM Kohn-Mergen Christiane

D' Wandrous no 329 as zesammengesatgin a fortgeschéckt gin: Tahr a Kodiak

Un der WANDROUS N°330 hun matgeschafft:

LIB / Maîtrise Beaver - Wëllef - Scouten a Explorer / Sophie a Christophe Reiners / Corsu Team / LIB / Tamia / Kodiak / Klesschen / Cheffen Lbb / Organion Roverweekend an den Théo

Programm Wandrouis

De Wandrouis Programm

oktober'10		november'10		dezember'10	
Fr	1	Me	1	Me	1
					Permanence
Sa	2	De	2	Do	2
	MONTEE				
So	3	Me	3	Fr	3
	MONTEE				KLEESCHEN
Me	4	Do	4	Sa	4
			BEAVERWEEKEND		RO-WEEKEND keng Versammlungen
De	5	Fr	5	So	5
			BEAVERWEEKEND		RO-WEEKEND
Me	6	Sa	6	Me	6
	Permanence		EXPLORERWEEKEND		
Do	7	So	7	De	7
	FNEL-Shop 17:30-19:30		EXPLORERWEEKEND		FNEL Verre de l'amitié
Fr	8	Me	8	Me	8
					Permanence
Sa	9	De	9	Do	9
	Beaver/Meute/Trupp/Explorer				FNEL-Shop 17:30-19:30
So	10	Me	10	Fr	10
			Permanence		
Me	11	Do	11	Sa	11
			FNEL-Shop 17:30-19:30		Beaver/Meute/Patrull/Explorer
De	12	Fr	12	So	12
			FNEL Roverquiz bei den AI		
Me	13	Sa	13	Me	13
	Permanence		Beaver/Meute/Patrull/Explorer Elterenversammlung 16:15		
Do	14	So	14	De	14
					Komité
Fr	15	Me	15	Me	15
					Permanence
Sa	16	De	16	Do	16
	VIIZ-WEEKEND SG/EX/RO FNEL-Shop 9:00-12:00				
So	17	Me	17	Fr	17
	VIIZ-WEEKEND SG/EX/RO VIIZ-SORTIE BV/MEU		Permanence		
Me	18	Do	18	Sa	18
					BEAVER-WELLEF Camp TRUPPEN-EXPLORER Camp
De	19	Fr	19	So	19
			Wandrouiseinsendeschluss Patrull/Explorer BEAVER & WELLEF SORTIE		BEAVER-WELLEF Camp TRUPPEN-EXPLORER Camp
Me	20	Sa	20	Me	20
	Permanence				BEAVER-WELLEF Camp TRUPPEN-EXPLORER Camp
Do	21	So	21	De	21
	FNEL-Shop 17:30-19:30				
Fr	22	Me	22	Me	22
Sa	23	De	23	Do	23
	Beaver/Meute/Patrull/Explorer Elterenversammlung		Komité		
So	24	Me	24	Fr	24
			Permanence		
Me	25	Do	25	Sa	25
	Beaver/Meute/Trupp/Explorer		FNEL-Shop 17:30-19:30		
De	26	Fr	26	So	26
	Komité		Wandrouisredaktionsschluss Beaver/Meute/Trupp/Explorer		
Me	27	Sa	27	Me	27
	Permanence				
Do	28	So	28	De	28
Fr	29	Me	29	Me	29
	Permanence				
Sa	30	De	30	Do	30
	keng Versammlungen VAKANZ TRUPPENWEEKEND				
So	31			Fr	31
	TRUPPENWEEKEND				

Allerläscht Wandrouns - Sait


www.lionsbleus.lu



fnef
scouts & guides



Tiger, kuck emol mëng Musklen*



* THAT'S ALL FOLKS